ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe Parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AVR. 2014
195

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

*Am Regierungsprogramm gëtt ënner demTitel "Des modèles d'éducation innovants" ënner anerem dëst ugekënneg: "Au niveau du contenu de l'éducation non-formelle, l'attention portera également sur l'éducation au développement durable et à l'éducation sexuelle et affective qui sera axée aussi bien sur ses aspects biologiques que sur les aspects émotionnels et relationnels ainsi que sur les questions d'identité sexuelle".*

*An der Educatiounskommissioun hat ech den Här Minister dorop ugeschwat an hien huet gemengt, datt den Inhalt an d'Methoude sollten altersgerecht sinn. Adequat Programmer géinge vun Experten ausgeschafft ginn.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:*

*1 U wéi eng Alterskategorië soll sech dës "éducation sexuelle" adresséieren?*

*2 Gëtt déi sougenannten "Gender-Theorie" de Kanner am Kader vun dësem Unterrecht direkt oder indirekt vermëttelt?*

*3. Ginn d'Kanner mat Phänomena wéi der Homosexualitéit, der Transsexualitéit a sou virun am Kader vun deem Unterrecht konfrontéiert an, wa jo, vu wéi engem Alter un? Wéi gi sou sexuell Phänomena am Vergläich zur Heterosexualitéit presentéiert? Wéi en Unterrechtsmaterial gëtt benotzt? Sollen d'Kanner – wéi dat schonn am Ausland geschitt ass – zur Homosexualitéit encouragéiert ginn?*

*4. Wéi eng Experte genee gi mat der Ausaarbechtung vu sou Programmer beoptraagt? Soll e sougenannten "Sexkoffer" am Unterrecht benotzt ginn, wéi dat och am Ausland probéiert gouf? Wa*

*jo, vu wéi engem Alter u sollen d'Kanner mat sou Material confrontéiert ginn?*

*5. Ginn Themata wéi z.B. d'Ofdreiwung a sou engem Unterrecht ugeschwat? Gëtt dee Schutz vum Liewen als iewescht Prinzip respektéiert? Vu wéi engem Alter u soll d'Ofdreiwung eventuell am Unterrecht behandelt ginn an a wéi enger Form?*

*6. Wie soll déi "éducation sexuelle" enseignéieren? Wéi eng Qualifikatioune mussen déi Leit hunn, déi dat Fach sollen enseignéieren?*

*7. Ass den Här Minister bereet, d'Chamber kontinuéierlech a komplett doriwwer ze informéieren, wéi déi "éducation sexuelle" virbereet gëtt, wéi en Unterrechtsmaterial benotzt gi soll a wat de geneeë Contenu vun deene Coursë si soll?*

*8. Wéi eng Rechter hunn d'Elteren an deem Zesummenhank? Denkt den Här Minister, datt de Staat sech däerf den Eltere bei der Sexualerzéiung substitutéieren? Kënnen d'Elteren sech sou engem Unterrecht fir hir Kanner opposéieren?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 mai 2014

Coordination générale

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 195 du Député Fernand Kartheiser**

Wéi mir an eiser gesellschaftlecher Entwécklung kënne feststellen, limitéiert sech d'Éducation sexuelle et affective net nëmmen op eng bestëmmt Alterskategorie, mee si muss dem Alter vun de Jonken entspriechend ugepasst sinn, souwuel wat d'Form, ewéi och wat de Fong ugeet. Ganz entscheedend ass et och, bei dësen intimen Themen de richtegen Drot tëschent Enseignant/e a Schüler/in ze fannen, fir adäquat op de Sujet kënnen anzegoen.

Dovun ofgesinn ass d'Éducation sexuelle et affective kee Schoulfach, mee si gëtt op transversal Manéier a verschiddene Fächer enseignéiert. Zu dësem Zweck ass e schouleschen Expert am Gaang, didaktesch Material fir en interdisziplinäre Cours an der Éducation sexuelle et affective auszeschaffen.

Des Weideren läit d'Responsabilitéit vun enger mënschegerechter Sexualerzéiung net nëmme bei der Schoul, mee och – a grad a jonke Jore vum Kand – bei den Elteren. Trotzdem dréit d'Schoul wesentlech un der Entwécklung vum jonken zu engem erwuessenen, responsabele Mënsch bäi, dee mat Toleranz a Respekt senge Matmënschen an hirer Diversitéit an Eegenaart ka begéinen. An dësem Kontext sollen Jongen a Meedercher och d'Iddi vun der Gläichberechtegung vun de Geschlechter vermëttelt ginn, déi net ze verwiesselen ass mat der Gender-Theorie.

Vu datt d'Éducation sexuelle et affective transversal behandelt gëtt, kann ee sech net op ee Fachspezialist limitéieren. Fir den Enseignanten déi beschtméiglechst Viraussetzungen ze ginn, besteet d'Méiglechkeet, am Institut fir Formation continue zu Miersch u Formatioune vum Planning Familial, der Aidsberodung/Croix Rouge, vum Cigale (Centre d'Information Gay et Lesbien), infoMann oder der ITGL (Intersex & Transgender Luxembourg) deelzehuelen.

D'Schoulen hu weiderhin d'Méiglechkeet, fir bei der Ëmsetzung vun der Éducation sexuelle et affective op extern Experten (wéi z.B. de Planning Familial oder



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-00188-2004086-FR

d'Aidsberodung/Croix Rouge) zeréck ze gräifen, déi souwuel am Enseignement fondamental, an der Éducation différenciée souwéi am Enseignement secondaire/ secondaire technique entspriechend Opklärungsséancë kënnen halen.

D'Unterrechtsmaterial, dat benotzt gëtt, gëtt vun den externen Experten altersgerecht an dem jeeweilegen intellektuelle Verständnes vun de Kanner a Jugendlecher ugepasst.

Zu enger Éducation sexuelle et affective am Enseignement fondamental resp. an der Éducation différenciée zielen haaptsächlech Informatiounen iwwer d'Léift, Gefiller, Respekt a Pubertéit. Mee zu verschiddenen Themen a Froe gëtt och passend Anschauungsmaterial zesumme mat Fichen an Overhead benotzt.

Am Enseignement secondaire/secondaire technique ginn déi verschidde Verhütungsmëttel gewisen an erkläert. Et gëtt iwwer "déi éischte Kéier", Respekt, déi sexuell Identitéit a Villfalt (LGBTI), Ofdreiwung a Vermeidung vu Geschlechtskrankheete geschwat. Mee virun allem sinn d'Experten dofir do, fir op all Froe vun de Jonken ze äntwerten.

Am Regierungsprogramm ginn iwweregens nëmmen am Kontext vun der Éducation non-formelle Aspekter vun enger Éducation sexuelle et affective opgeléscht. Dofir wäert och d'Chamberskommissioun weiderhin iwwer d'Entwécklungen an der Éducation sexuelle et affective forméiert ginn.

Vu datt de Sujet vun der Éducation sexuelle et affective fir déi verschidde betraffe Fächer an "Horaires et Programmes" festgehalen ass, kënnen d'Elteren sech deem net verschléissen. Et ass ze bemierken, datt "Horaires et programmes" e Règlement grand-ducal ass.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse